



LÉIEREN A BEWEEGUNG

clever move



Newsletter 12/2020

Léif Enseignanten,

Hei ass den zweeten Newsletter vum Aarbechtsgrupp „clever move“ fir dëst Schouljoer. D'Plakater, déi an de verschiddene Gebaier hänken, ginn erneiert an dir kritt och déi aktuell Vignette fir är Plaquette mam Label. 3 nei Schoulen kruten doriwwereraus de Label „clever move“. Ausserdeem steet Chrëschttag geschwënn virun der Dier a soumat ass et och erëm Zäit fir eise beweegten Adventskalenner. Wéinst den aktuelle sanitäre Mesure proposéiere mir dëst Joer Spiller ouni Kierperkontakt.

1. Plakater, Vignetten an Plaquetten



Sinn Är al Plakater vu clever move verblatzt oder futti? Kee Probleem: an den nächste Wochen kritt är Schoul nei Plakater vun eis geschéckt.

Zousätzlech zu de Plakater kritt dir och d'Vignette fir d'Schouljoer 2019/2020 geschéckt.

Denkt drun, datt esouwuel d'Plakat wéi och d'Plaquette ëmmer gutt siichtbar fir d'Schüler, fir d'Enseignanten a fir d'Elteren sollen opgehaangen ginn, zum Beispill an der Entrée vun all eenzel Schoulgebei.

Wann dir nach zousätzlecht Material braucht, da mell lech ënner : info@clevermove.lu.



2. 3 nei Schoule kréien de Label



Mir sinn houfreg iech matzedeelen, datt 3 weider Schoulen d’Kritäre vun enger „clever move“ Schoul erfëllen. Et sinn dës:

1. Dalheim
2. Koerich
3. Schifflange – Albert Wingert Schoul

3. Adventskalenner 2020

Wéinst der aktueller Pandemie ass beweegt Léieren am Moment méi schwéier ëmsetzbar. Trotzdem brauchen eis Schüler heiansdo eng Paus, Beweegung an Oflenkung. Mir proposéieren dofir e bewegten Adventskalenner mat 14 verschiddene Spiller ouni Kierperkontakt ronderëm d’Thema Chrëschttag. Virun a no de Spiller sollen d’Kanner hir Hänn gutt wäschen, d’Maske solle gedroen ginn an d’Distanzen sollen sou gutt wéi et geet agehale ginn.

Am Begleetbréif fannt Dir d’Oplëschtung vum Material, dat Dir fir déi eenzel Aktivitéite braucht an och weider Erklärungen zu all de Spiller.

Déi verschidden Aktivitéite musse jee no Cycle liicht un Är Klass ugepasst ginn.

Hei nach eng Kéier d’Basteluleedung :

- ✓ déi 2 PDF-Blieder als Din-A3 ausprinten;
- ✓ mat engem Cutter respektiv enger Piknol 3 Säite vun all eenzel Fënster lassléisen;
- ✓ déi 2 Blieder um Rand openee pechen.

Vill Spaass beim Ausprobéieren !



**Mir wënschen Iech elo schonns
schéi Chrëschtdeeg an e gudde
Rutsch an dat neit Joer !**

Bleift gesond a monter!